

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30. Mäerz 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement (Artikel 84) et virgesäit, biede mir lech, dës dréngend parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister an un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Wéi eis vum Terrain zougedroe ginn ass, sollen d'Schüler an der internationaler Schoul Esch-Déifferdeng (EIDE) an der Woch virun der Ouschtervakanz flächendeckend op COVID-19 getest ginn. Dës Decisioun gouf no eisen Informatiounen vun der Santé a Kooperatioun mam Schoulministère geholl.

Duerfir hu mir folgend dréngend Nofro un d'Madamm Gesondheetsminister an un den Här Schoulminister:

- 1) Op Basis vu wéi enge Modalitéiten ass ausgerechent des Schoul an de Genoss vun deem uewen zitéierten Testprivileg komm? Wéi eng Krittären hu géint déi aner Schoule geschwat?
- 2) Kënnen d'Schüler vun engem negativen Testresultat profitéiere, fir an d'Ausland ze reesen? Falls jo, firwat ginn d'Elteren net matgetest a stellt des Decisioun net eng Diskriminatioun vun all deene Schüler duer, déi net an de Genoss vum nämmechten Testprivileg kommen?
- 3) Wier et am Sënn vun der Preventioun vu COVID-Infektiounen an der Schoul net méi zillféierend, fir déi Tester direkt no, anstatt just virun der Vakanz duerchzeféieren?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen  
Deputéierten



Fred Keup  
Deputéierten